



Am Remembrementsgesetz hu mer ugefaangen ze analyséieren, mir hunn dem Conseil d'État seng Remarquen opgeschafft, an ech mengen, mir haten zwee, dräi Artikelen, déi mer an dem juristesche Volet virun allem mussen duerchkucken, wou mer awer och virun allem musse kucken, datt mer kohärent bleiwen tëschent deenen eenzelne Ministèren.

Ech mengen, hei wäerte mer an deenen nächste Woche mat deem Remembrement zrëck an d'Kommissioun kommen, fir och déi Entscheedunge respektiv déi Positiounen, déi souwuel vum Landwirtschaftsminister wéi vum Ëmweltminister geholl goufen an dësem Projet, och kënnen an dëse Projet de loi afléissen ze loosse. Ech mengen, da si mer duerno relativ séier derduerch, well mir haten déi eenzel Artikelen eigentlech schonn zügeg diskutéiert. Mir kënnen se zrëckginn, sou datt ech unhuelen, datt mer dëst Remembrementsgesetz nach bis Enn vun dësem Joer kënnen an dëser Chamber stëmmen.

An ech mengen, d'Fro vum Remembrement am Wäibau stellt sech net méi, well mer bal alles remembréiert hunn, a mir hunn dat Remembrementsgesetz jo virun allem och gemaach, fir virun allem am Bëschrëmmement virunzekommen. Selbstverständlech ass d'Remembrementsgesetz, dat neit, och hei, fir déi ausstehend Projeten nach an Zukunft duerchzuféieren an och hei mat deenen néidegen neien Ausrichtungen ze versinn.

Am Bioberäich, ee Punkt, deen lech sécher interesséiert, a wou mer och, mengen ech, als Regierung an als Ministère drop halen: datt mer kucken, datt mer virun allem, wat d'Interdictioun vun de Phosphat-Phosphonaten elo an deem neie Reglement betrëfft, wou se aus der Lëscht erausgefall sinn, datt mer probéieren, déi erëm eranzekréien.

Ech weess, datt am Biolandbau d'Alternativ wier, mam Koffer ze schaffen. Ech weess awer och, wat dat fir d'Biedem géif bedeuten, an hei, mengen ech, solle mer probéieren, datt mer dëse Produkt erëm an d'Lëscht vum Reglement 889/2008 erakréien, sou datt dëse Problem misst geléist ginn.

Mä ech verschléisse mech awer och net deem, datt een nei Cépagé mat an eng Diskussioun erabrëngt; Cépagen, déi Der kennt, déi grëss-tendeels pilzresistent sinn an déi een, mengen ech, soll an dem Fonds de solidarité eng Kéier diskutéieren, fir ze kucken, wat fir eng Entscheedungen een an dësem Beräich ka maachen.

Wat d'Successioun vun den Exploitatiounen ubetrëfft, mengen ech, ass et richteg, datt mer hei an enger Phas sinn, wou effektiv mer an enger Spart sinn, wou ee virun allem eng Konzentratioun erëmfënt bei de Betriber tëschent 50 bis 65 Joer. Dat heescht, mir kommen an eng gewëssen Alterspyramid eran, an dofir hu mer och, net nëmme fir d'Wënzer, mä och fir d'Landwirtschaft an de Gaardebau, virun allem um leschte Conseil drop gepocht, datt eppes an där neier PAC fir d'Jongbaueren an d'Jongwënzer virgesinn ass.

A mir hunn extra en neie Passus drakritt, deen zousätzlech dragesat ginn ass, fir och an Zu-

kunft eng linear, forfaitaire Hëllef fir d'Jongbaueren kënnen mat eranzekréien, wou virun allem d'Jongwënzer wäerten dovunner profitéiere kënnen. Et war dat fir eis eng vun eise Prioritéiten, fir dat an där neier PAC mat an den Text eranzekréien.

D'Problematik, déi ugeschwat gouf, vum Waasser, do mengen ech: Och hei leien eng Rei Pisten do. Ech muss soen, datt ech net zoustänneg sinn, direkt, fir d'Waasser. Dat ass den Innenminister, dat ass d'Waasserwirtschaftsamt. Ech muss soen, datt ech awer meng Meenung dozou hunn an datt ech, wann een déi zwou Optioune gesäit, op där enger Säit op den Hektoliter an op där anerer op den Hektar, eigentlech och Präferenzen hunn, fir dat Ganzt op den Hektoliter ze gesinn direkt.

Selbstverständlech soll een awer och virun allem dee Pilotprojet, deen elo scho gelaf ass zesumme mam IVV - wat virun allem och elo schonn dee sougenannten „Trub“ betrëfft, dee mer erëmfannen, fir deen elo schonn ze verwenden, sief et an de Biogasanlagen, sief et, mer féieren en eriwwer an déi eenzel Kompostanlagen -, et soll een do virufueren an et soll ee kucken, och déi richteg Analys aus deem dote Projet ze maachen. Dat kann eng Analys sinn, fir effektiv d'Schmotzwaasser méi propper ze kréien an an d'Kläranlage virunzeginn. An ech mengen och, datt mer hei dann an deem Moment effektiv en Opwand vu méi respektiv e Käschtepunkt kriterien, deen och géibel wier, fir d'Wënzerinnen an d'Wënzer an d'Zukunft ze féieren.

Wat d'Planzrechter ubetrëfft, déi hei ugeschwat goufen, mengen ech, wësst Der, datt mer als Lëtzebuerg zu deene Länner gehéiert hunn, déi sech géint eng Liberaliséierung ausgeschwat hu ganz kloer. Ech mengen, mir hunn och erreecht, selbstverständlech gehéiert dat heiten an de ganze Pak vun der PAC mat dran. Do waren och d'Droits de plantation dran, an Dir hutt gesinn, datt d'Décisioun bei der Verlängerung vun de Planzrechter gefall ass: bis den 31. Dezember 2018. Ab dem 1. Januar 2019 solle sougenannten Autorisatiounen gi ginn, fir datt maximal do - et ass op eng fakultativ Manéier -, maximal 1% vun der Fläch kann derbäikommen.

Mä et muss een awer soen, datt, mengen ech, och dat nach wäert diskutéiert ginn! Dat ass nëmme e Mandat, deen ausgeschwat gouf vun deene 27, respektiv - minus zwee - 25 Ministere aus dem Conseil. Mä hei gëtt et eng Verhandlungsbasis mam Parlament a mat der Kommissioun, wou ee muss kucken, wat erauskënnt. Dir kennt eis Positioun ganz kloer do: Am Kader vun deem Ganzen, am Kader vum Kompromiss hu mer deem heiten zougestëmmt.

Gewosst och, datt vill an dësem Beräich duerjerneegehäit gëtt, well ganz dacks hu mer hei vun Iwwerschwemmungen vum Maart geschwat mat südamerikanesche Wäiner. Dat huet näischt mat dem Droit de plantation op europäeschem Niveau hei ze dinn. Mir steieren dat och net heimadder, an all déi Saachen, déi ugeschwat goufen och hei, wat déi eenzel Kritären ugeet, och hei gëtt et international Accorden, och hei gëtt et WHO-Ofkommesse fir ganz

kloer Regele vu Qualitéit an Hygiène, déi esou Produkter, wa se um Maart sinn, musse respektéieren. Alles dat, mengen ech, kann een net lasseisen.

Ech mengen awer, datt dat hei..., an ech weess, datt hei eng ganz Rei vu Leit matgekämpft hunn, fir datt mer deen heiten Droit de plantation, wierklech déi heite Positioun op jidde Fall emol kruten an elo vläicht nach kënnen méi wäit goen, gehollef hunn, dat mer op där heiter Positioun wäerte sinn.

Ugeschwat gouf dann och dat neit Gesetz iwwert d'Pestiziden, d'Ëmsetzung vun der Direktiv eigentlech, déi scho laang hätt misse geschéien, dat ass richteg. Mir hunn elo de Projet de loi eragereecht, wat eng Ëmsetzung eent zu eent vun der Direktiv ass. Méi ass et de Moment net. A mir sinn amgaang, drun ze schaffen de Moment, och den Aktiounsplang, deen un dësem Gesetz, un dëser Direktiv hänkt, opzestellen an dann esou schnell wéi méiglech op Bréssel ze ginn, fir virun allem och hei keng Sanktiounen ze kréien, déi eis géife wéidinn. Mir wäerten dat maache mat allen Acteuren, déi hei implizéiert sinn.

Mir wäerten och kucken, wat d'Helikopterspréizen ubetrëfft, dat an der Direktiv genau ze verfolge. Mir wäerte probéieren, et esou pragmatesch wéi méiglech ze notzen, mä awer och dem Sënn vun der Direktiv selbstverständlech ze entsprechen. Do sinn all Länner d'selwecht, dofir wäerte mer och hei net do derlaanscht kommen. Mir haten och hei Kontakter gehat souwuel mam Beruff wéi och mat Protivigne, fir ze kucken, fir d'Applikatioun heivunner eriwwerzekréien.

Wat d'Formatiounen ubetrëfft, déi den Här Weydert ugeschwat huet, och dat ass eng Ëmsetzung vun der Direktiv eent zu eent, an dat ass och an alle Länner d'selwecht. An da musse mer virun allem kucken, datt mer d'Leit esou ausbilden natierlech, well et jo och eng geféierlech Uwendung ass, datt een dat och esou ofgeséichert kritt.

Zum Schluss vläicht ee Punkt, deen nach opsteet an dee vill hei ugeschwat gouf, deen ech zum Deel eigentlech och schonn ugeschwat hunn, dat ass dee vun der Vermaartung vun eise Wäin no baussen. Ech mengen, datt mer, wa mer d'Pist hunn, datt mer op d'Qualitéit setzen - an do si mer eis, mengen ech, heibanne ganz kloer eens -, da musse mer kucken, déi Qualitéit och no baussen ze droen.

An da musse mer virun allem probéieren, datt mer d'Produkt Wäin och eriwwerbréngen als en nobelt, als en edelt Produkt, a mir musse virun allem probéieren, datt mer dat Produkt net entkoppelt gesinn zu anere Produkter, mä datt mer et gesinn am Kader, wéi ech et gesot hunn, vum Tourismus an am Sënn vun der Kultur, am Sënn vum Land selwer. Well, ech mengen, et ass ee Produkt, dat mer no bausse kënnen weisen an dat sech méi wéi weise léisst!

Dofir mengen ech zum Schluss, et stinn eng Rei vu flotten Débaten och an Zukunft un. Et stinn eng Rei vun Entscheedungen och weider un, an ech mengen, datt mir virun allem opgrond vun de gudde Lagen, gudde Biedem, déi mer awer hei hunn, fir déi eenzel Wäiner ze pro-

duzéieren, virun allem awer och opgrond vun de gudden an expériméitéierte Wënzer a virun allem och Kellermeeschteren, déi mer an eise Betriber hunn, datt mer virun allem och vill jonk Wënzerinnen a Wënzer hunn, déi motivéiert sinn, fir dëse Beruff unzegoen, an datt mer dofir als Regierung - an dat ass e bëssen d'Konklusioun, déi een heirauss kann zéien - eis ganz selbstverständlech Rendez-vous solle ginn, och am Kader vun der PAC, an herno virun allem am Kader vum PDR, dee jo elo usteet.

Nodeem d'PAC souzese scho bal ficeléiert ass, si mer parallell amgaangen, de PDR auszeschaffen. Mir wäerten eis deemnächst mam Beruff treffen, fir Einzelheeten doraus ze ginn, an ech mengen, do wäerte mer virun allem och bei den Investissementer, bei den Aiden awer och virun allem cibléiert virgoen. Mir wäerte virun allem d'Innovatiounen förderen a wäerte virun allem all déi Investier, déi an d'Zukunft gericht sinn, förderen, fir och an Zukunft souwuel an der Agriculture wéi am Wäibau eis opzestellen, datt mer an Zukunft och kënnen eng Landwirtschaft hei presentéieren, déi konkurrenzfähig ass par rapport zu Europa, par rapport awer och zur Welt, wou et ni ophält mat dréien. An dofir musse mer och an Zukunft gutt opgestallt sinn, fir hei kënnen prett ze sinn.

An deem Sënn Merci fir dee flotten Débat, a wann de Rendez-vous gefrot ass, ech wäert präsent sinn, fir och e Bilan ze maachen zu deem, wat geschitt ass, an deenen nächste Méint.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem zoustännegen Minister. Domadder wär dës Diskussioun ofgeschloss, an ech géif nach d'Wuert ginn un den Här Gibéryen fir en Dépôt vun enger Proposition de loi.

4. Dépôt d'une proposition de loi par M. Gast Gibéryen

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här Président. Ech wollt heimadder eng Proposition de loi deponéieren, déi virgesäit, datt all Kéiers virun de Chamberswahlen, sechs Méint virdrun, déi 60 Mandater vun den Deputéierte géifen nei berechent ginn tëschent deene véier Wahlbezirker am Verhältnis zu den Électeuren.

6558 - Proposition de loi portant fixation du nombre de députés à élire par circonscription électorale

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. An domadder wäre mer och um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si virgesi fir den 9., 10. an 11. Abrëll.

D'Sitzung ass opgehuewen.


(Fin de la séance à 18.01 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.

- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.

- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

www.chd.lu